# 48e séance

Mercredi 2 mai 2001

**Présidence**

**M. Jean Spautz,** Président

***Ordre du jour***

**1.** Dépôt d'une proposition de loi

**2.** Interpellation de M. Lucien Lux sur l'évolution de l'assurance dépendance

*(Discussion générale - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen, Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres.

*(Début de la séance publique à 14.34 heures)*

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

D'Wuert huet den Här Bausch fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

## 1. Dépôt d'une proposition de loi

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech wëll hei den Dépôt maache vun der

*- Proposition de loi 4793 portant modification de la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers.*

Ech hunn déi Proposition de loi gemaach, well mer als Gréng hu misse feststellen, dass d'Transparenz an den Dialog op fräiwëlleger Basis net fonctionnéieren, a fir dass an Zukunft dat anescht geet, wëlle mer Transparenz an Dialog op zwanghafter Basis aféieren, andeem mer d'Gesetz entspriechend änneren.

**M. le Président.-** D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun dëser Proposition de loi. Si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Mir kommen zur Interpellatioun iwwert d'Evolutioun vun der Assurance dépendance. D'Wuert huet den Interpellateur, den honorablen Här Lucien Lux.

## 2. Interpellation de M. Lucien Lux sur l'évolution de l'assurance dépendance

**M. Lucien Lux** *(LSAP), interpellateur.-* Här President, Madame Minister, Dir Häre Ministeren, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi d'Chamber viru ronn dräi Joer, wéinegstens ouni Géigestëmm a mat dem Accord vun deenen dräi grousse Parteien d'Gesetz iwwert d'Aféierung vun der Fleegeversécherung verabschiet huet, waren déi meescht Deputéierten, an et kann een dat noliesen an den Debatten, déi mer deemools gefouert hunn, sech bewosst, dass dëse Votum eleng net wéi en Déclic magique d'Fleegeversécherung à perfection an direkt à perfection géing aféieren.

Eis eege Sozialgeschicht aus deene leschte Joren, et kënnt ee bal soen, aus deene leschte Jorzéngten, am Klortext déi unzähleg Gesetzesupassungen, Revisiounen a Reforme vun eisen eegene Sozialversécherungsgesetzer am Beräich vun de Renten, vun de Krankekeesen, vum Chômage an anerem, awer och déi rezent Beispiller aus eisen Nopeschlänner, ebe just zur Fleegeversécherung, am Klortext: dat neit Gesetz zur Aféierung vun enger Allocation personnalisée d'autonomie a Frankräich virun zwou Wochen, nei gesetzlech Bestëmmungen, déi amgaang sinn diskutéiert ze ginn an der Bundesrepublik Däitschland, virun allem zur Fro vun dem Contrôle de qualité, a besonnesch och dat Uerteel vum Bundesverfassungsgeriicht vu Karlsruhe zur Fro, wat fir eng Bedeitung d'Kanner an der Finanzéierung vun der Fleegeversécherung hätte méi am Speziellen, awer iwwerhaapt an der Sécurité sociale am Allgemengen, si bescht Beweiser, dass zur Aféierung vun engem neie Pilier vun der Sécurité sociale e Gesetzestext eleng net duergeet, mä dass ganz vill Hänn an dësem Land, Honnerte vun engagéierten Hänn op allen Niveauen, genau wéi Flexibilitéit an Engagement an der Exekutioun vum Gesetzestext den A an O vum Geléngen iwwerhaapt däerfte sinn.

Vergiesse mer emol eng Kéier net iwwer eis oft esou stereotyp Streidereien eraus, ëm wat et eigentlech bei der Aféierung vun der Fleegeversécherung gaangen ass, nämlech fleegebedürftege Mënschen, déi fir déi elementar Aktivitéiten am Liewen, dat heescht mobil sinn, sech propper halen an iessen, d'Hëllef vun enger drëtter Persoun brauchen. Hëllefe bedeit also fir déi Honnerte vun Infirmieren, Aide-soignanten, Evaluateuren, Prestatairen, an esou weider, méi wéi nëmmen e Beruff ze hunn, fir Geld ze verdéngen, mä eng gesellschaftssozial Aufgab, déi iwwert d'Gretchefro entscheet, ob dëst Land méi kann, wéi nëmmen ze prahle mat sengem finanzielle Räichtum, mat sengen an der Dot makroekonomesche gudde